N°488
Entrée le 22.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, a vum Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°488 vum 18. Mäerz 2024 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen**

Dat modifizéiert Gesetz vum 29. Juni 1989 *portant réforme du régime des cabarets* begrenzt d'Unzuel vun de Schanklizenzen zu Lëtzebuerg. Zuel vun de Schanklizenzen hänkt effektiv haaptsächlech vun der Awunnerzuel an all eenzel Gemeng of.

Weder de gesetzleche Kader, nach de Staat schreiwe vir, wiem dës Schanklizenzen däerfe gehéieren. De Staat huet och keng gesetzlech oder administrativ Handhab fir an d'Besëtzverhältnisser anzegräifen.

Et sief och bemierkt, dass d'Ëmsetze vun de Konkurrenzreegelen d'Missioun vun der Konkurrenzautoritéit, der *Autorité de Concurrence, ass*. Dës ass eng onofhängeg ëffentlech Ariichtung, sou dass d'Regierung weder gewëllt, nach berechtegt ass, an dës Missioun ze interferéieren.

Déi annoncéiert Fusioun vun deene zwee grousse Gedrénkshändler zu Lëtzebuerg huet näischt un de Besëtzverhältnisser vun de Schanklizenzen geännert, well d'Fusioun nach net ofgeschloss ass.

Am dësem Tableau sinn déi 5 Gesellschafte mat de meeschte Schanklizenzen op den 31. Mäerz 2024 opgelëscht:

| | |
|---|---|
| Gesellschaft A | 624 Lizenzen |
| Gesellschaft B | 516 Lizenzen |
| Gesellschaft C | 37 Lizenzen |
| Gesellschaft D | 19 Lizenzen |
| Gesellschaft E | 15 Lizenzen |

De System, wéi en haut existéiert, huet Vir-an Nodeeler. D'Regierung ass am Gaang ze analyséiere wéi den aktuelle Regime gegeebenefalls kéint geännert ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth